

toleréiere keen Onrecht!", sot en. "A wa mir fäerdeg sinn, dann erlaabt de Stat sech ni méi dat dote mat engem Bierger ze maachen hei am ganze Land, wat e mat eis gemaach huet."

Dat sinn d'Wierder vun deene Leit, déi hunn dat aus Iwwerzeegung gemaach, well se einfach vun Ufank u géint deen Tracé waren, well se eben do dee Réimerwee hunn - zu deem de Mann och nach eng perséinlech Attache huet - a well se kee Problem hätte fir dem Stat op där anerer Variant Terrain ze ginn.

Déi Famill ass och net op d'Geld aus, well se huet souguer der Gemeng Fréiseng zweemol Terraine fir näischt geschenkt. Also et ass net eng Saach vum Geld, et ass eng Saach vum Prinzip.

Duerfir wollt ech dat hei soen, datt een net kann ëmmer nëmmen an der öffentlecher Diskussioun op déi Leit klappen. Déi Leit hunn dat gemaach, wat an engem Rechtsstat dat normalst ass, an duerfir soll een dat och hei op dëser Plaz soen.

Ech géif awer och en Appel un d'Famill Linster vun hei aus maachen.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Wien huet dat da gesot? Wie mécht dat dann?

M. Gast Gibéryen (ADR).- Ech hu jo net vun Iech geschwat, Här Scheuer, ech hu gesot an der Öffentlechkeet. Well ech gi ganz vill drop ugeschwat dobaussen, datt d'Leit mech froen: Ma wat sinn dat der dann? A wat geet déi dann un? An dann dëtt an dann dat.

(Interruption)

Ech hunn dat jo och net gesot, ech hu gesot an der Öffentlechkeet.

(Interruptions)

Ech géif och hei en Appel un déi Leit maachen, datt se, trotzdeem se där doter Meenung sinn, musse wëssen, datt nach ni een de Stat esou virgefouert huet, wéi dat hinnen hei gegléckt ass. Dat hei si jo keng Peanuts vun deene mer schwätzen. Hei schwätze mer vun enger Autobunn vun esou vill Kilometer, engem Projet vun iwwer néng Milliarden. Et ass deene Leit gegléckt, datt haut d'Parlament hei eng zweete Kéier muss doriwwer debattéieren an et weess nach keen, wéi et ausgeet.

Mir mussen hei e neit Gesetz stëmmen. Et ass eng immens Blamage fir de Lëtzebuerger Stat, wat mer haut hei musse maachen. An dat misst och deene Leit, mengen ech, an hirem Rechtsséngefill Satisfactioun ginn, an duerfir géif ech och en Appel un se maachen, am Interesse vun der Allgemengheet, elo awer zum Schluss no engem Accord ze sichen, fir datt déi Autobunn kann integral a fristgerecht fäerdeggebaut ginn.

Vun all deem wat ech gesot hunn an opgrond vun eisem Vote, dee mer viru fënnef Joer geholl hunn, ass et och selbstverständlech, datt mer haut dësem Projet net wäerten zoustëmmen.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Ier mer weiderfueren, kritt den Här Minister Henri Grethen d'Wuert fir den Dépôt vun engem Projet de loi.

3. Dépôt d'un projet de loi

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, ech si vum Grand-Duc autoriséiert, fir a sengem Numm de

- *Projet de loi 4861 a) relative aux actions en cessation en matière de protection des intérêts collectifs des consommateurs b) concernant l'agrément des organisations protectrices des consommateurs c) portant modification de certaines autres dispositions légales*

ze déposieren.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vum Projet de loi, deen un déi entspriechend Kommissioun weidergeleet gëtt.

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour. Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

4. Projet de loi 4797 relative à la construction d'une liaison routière avec la Sarre (Suite)

Discussion générale (Suite)

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat wat hei am Kontext Saarstrooss haut geschitt, ass e politesche Skandal an e juristescht Abenteuer.

Ech fannen et skandaléis, wann eng Regierung trotz verluerene Prozesser, trotz Warnunge vun der EU-Kommissioun, trotz staarke Bedenke vum Statsrot, nawell mam Kapp duerch d'Mauer wëll, a fir de Bau vun enger Strooss Prozeduren ausser Kraaft setzt, un déi all normale Mënsch sech an deem Land hei muss halen.

Ech fannen et abenteuerlech, wann dës Regierung an dës Majoritéit sech dem groussen Risiko aussetzt, eventuell eng Kéier en drëtt Gesetz fir d'Saarstrooss missen ze stëmmen.

Här President, ech explizéiere mech. Et ass scho gesot ginn, et ass scho fir unzefänke keen alldiegleche Phenomeen, fir deeswechte Projet zwee Gesetzer missen ze maachen. De Schlamassel hu mer, an et ass net den éischte Schlamassel a sécherlech och nach net dee leschten, deen hu mer, wéi kéint et anescht sinn,

dem Här Goebbels ze verdanken. Hätt hie méi dacks deene Grénge nogelauschtert, da séitze mer elo net hei.

Et war nämlech kee Brach, wat meng Kolleeeginn Renée Wagener den 13. Juli 1995 während den Diskussiounen zum éischte Gesetz iwwert d'Saarstrooss gesot huet an ech zitieren: "Ech bleiwen iwwerzeegt, dass och am Fall vun der Saarstrooss et géif duergoen, dass e Propriétaire géint den Oflaf vun der Prozedur géif virun de Statsrot goen, oder virun den Europäesche Gerichtshaff, fir dass d'Saach kënnt gekippt ginn."

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst et an Tëschenzäit. D'Saach ass gekippt ginn, well d'Prozedur vun der EU-Impaktstudiendirektiv net richtig agehale gi sinn.

A keen heibanne gleeft jo, dass dat en einfachen Oubli vum Här Goebbels war. Während Joren huet e sech mat Hänn a Féiss gewiert, fir dass déi Direktiv vun 1985, déi 1988 schonn hatt missen ëmgesat ginn, sollt zu Lëtzebuerg ëmgesat ginn a virun allem huet e sech mat Hänn a Féiss gewiert, dass seng grouss Stroossebauprojekte sollten drënner falen.

An et war keen Zoufall, mä, wéi schonn hei gesot ginn ass, en Trick, dass érischt 1995 beim Vote iwwert d'Saarstrooss den Artikel 14bis an de Fonds des routes komm ass an domat d'Saarstrooss, hat den Här Goebbels gemengt, net méi géing drënner falen.

Fir d'Nordstrooss konnte mer dat jo net méi maachen, an dunn ass e Spezialgesetz gemaach ginn. An all deene Leit, déi hei esou locker déi Prozedur zitieren, dass bis haut do näischt geschitt ass, wëll ech soen, dass dat jo net heescht, dass déi richtig war. Bis elo, an och héchstwahrscheinlech an Zukunft, wäert sech op där Trace leider, musse mir als Gréng soen, kee fannen, deen deeselwechten Exercice duerchspillt wéi lo déi Famill vun Helleng, well soss, mengen ech, géing et der Nordstrooss ähnlech goe wéi et der Saarstrooss gaangen ass.

De Clou an där ganzer Diskussioun ass awer, Här President, dass den Här Goebbels deene Leit, déi em mat Zäit gesot hu seng Manéier fir virzegoe wier illegal, virgeworf huet, si géinge Prozedurkrich féieren, an eis Gréngen huet e virgeworf, mir géingen e perséinleche Match géint hie féieren.

Dir verstitt, léif Kolleeeginnen a Kolleeegen, dass et eis wierklech freet, dass mer am Dossier Saarstrooss op der ganzer Linn Recht kritt hunn. A mir si fest iwwerzeegt, wéi ech elo just gesot hunn, dass mer och am Dossier Nordstrooss Recht kriiten, wann e Propriétaire sech géing fannen, fir déiselwecht Prozedur unzefänken.

Wien awer elo gemengt hat déi nächst Regierung géif wéinegstens aus deem ganze Schlamassel méi gescheit ginn an endlech dat eenzeg Richteg maachen an deem Dossier, deen hat sech geiert. An dat eenzeg

Richteg, Här President, wier gewiescht, éischstens d'EU-Direktiv korrekt a Lëtzebuurger Recht ëmsetzen. Dat ass souwiesou duebel fälleg, well 1997 eng nei Direktiv komm ass, zweetens endlech den Ausnahmestatut fir d'Stroossen opzeléisen a se behandle wéi all déi aner gréisser Projeten, déi an der Annexe vun dëser Direktiv dra sinn an dann duerno eng nei Prozedur fir d'Saarstrooss duerchzezéien.

Dat ass eiser Meenung no déi eenzeg richtig Prozedur a mir si frou mat dëser Meenung net eleng ze sinn, well wann ee sech d'Méi mécht déi zwee Avië vum Statsrot, souwuel deen zur Saarstrooss wéi deen zur Impaktstudiendirektiv, ze liesen, da mierkt een, dass de Statsrot genau datselwecht seet.

Dofir, Här President, fannen ech et e staarkt Stéck, dass ech an enger Kommissiounssëtzung vum President vun der Commission des Travaux publics regelrecht agresséiert si ginn, wéi ech net méi an net manner gemaach hu wéi déi do Bedenken an enger sachlecher Manéier virzedoen.

Ech profitéiere vun dësem Pult hei, Här President, fir bei lech offiziell Protest anzeleeën. Mir wäerten eis dat do an Zukunft net gefale loossen, wa mir eng aner Meenung hunn zu Projeten a wa mir déi sachlech virdoen a wann eis Bedenken och nach gedroe gi vun engem Statsrot, dass mer eis da mussen an enger Kommissiounssëtzung vum President agresséiere loossen. Dat als Klammer niewebäi hei gesot.

Mä, Kolleeegen a Kolleeeginnen, vläicht ass dëst Behuelen awer och symptomatesch fir een, dee jorelaang an enger Verwaltung geschafft huet, déi och net verdréit, dass se kritiséiert gëtt.

(Interruptions diverses)

Här President, et ass kee Geheimnis, dass d'Verwaltung vun de Ponts et Chaussées mat de Milliarden hantéiert wéi aner Verwaltungen mat de Milliounen. A vläicht ass et normal, wann een dat joerzengtelaang mécht, dass ee mat der Zäit eng gewësse "mir kann keiner"-Mentalitéit entwéckelt. Dat huet näischt mat deene Leit ze dinn, déi an där Verwaltung schaffen, mä eng Verwaltung kann och als Ganzt eng gewësse Mentalitéit entwéckelen an déi iwwerdréit sech op déi Leit, déi do schaffen.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Ech mengen, Dir kommt op d'Olympiad am Kopplabunz schloen!

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Ech kann lech mat Beispiller déngen. Ech brauch nëmmen un en Dossier wéi Luxplan ze erënneren. Ech brauch nëmmen un den Dossier CITA ze erënneren.

Ech wëll nëmmen drun erënneren, dass déi do Verwaltung sech awer carrément foutéiert, fir och nëmmen an einegermoosse verstännegen Zäiten hir Dekonte vun deene gréisste Projeten, déi mer an deem

Land hei maachen, ofzeliwweren. Déi Leit, déi an der Commission du Contrôle budgétaire schaffen, wësse vu wat ech schwätzen.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Wéi heescht dann den Här Verwaltung do mam Virnumm?

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Dat huet näischt mat Leit ze dinn. Do entwéckelt sech eng Mentalitéit, déi net u Leit festgehalten ass, mä un engem Behuele vun enger ganzer Verwaltung, wéi se un Dossieren erugeet.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Aus wat besteet eng Verwaltung dann? Ass et vläicht de Computer, dee schlecht ass?

M. le Président.- Dir Häre, loosst mer seriö bleiwen an de Riedner net ënnerbriechen. Den Här Gira huet eleng d'Wuert an déi aner sollen nolauschten.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Ech wëll nach eng Kéier betounen, dass et genuch Dossiere gëtt, wou ee kann nowiesen, dass dës Verwaltung dës "mir kann keiner" - Mentalitéit entwéckelt huet an net de Reflex huet wéi aner Verwaltungen, déi fir e puer Milliounen musse streide goen op gewësse Plazen, déi gewinnt si vun anere Leit a Fro gestallt ze ginn.

Wann ee keng budgetär Bremsen huet, wéi dat besonnesch am Fonds des routes de Fall ass, dann ass et evident, dass ee sech einfach net méi ka virstellen, dass do Leit sinn, déi engem géingen e Fouss setze bei engem Projet. Genau dat ass et, wat sech an deene leschten 10, 15 Joer an där doter Verwaltung a speziell am Beräich vun den Autobunnen an de Schnellstroossen entwéckelt huet.

Ech mengen dat, wat mer haut hei erliewen an dass mer haut hei sëtzen, ass och e Resultat vun där Mentalitéit, déi déi Verwaltung mat der Zäit entwéckelt huet.

Här President, et ass och nëmmen esou eng Verwaltung, déi iwwerhaupt op d'Iddi ka kommen, fir hir eege Projeten all déi Autorisatiounen an den Ëmweltgesetz ausser Kraaft ze setzen.

Ech froen lech, ob eng Verwaltung vum Flughafen op d'Iddi komm wier, wéi d'Pist verlängert ginn ass, de Kommodo, d'Naturschutzgesetz an aner Gesetz ausser Kraaft ze setzen?

Ech froe mech, ob Der mengt, dass en Educationsmistère op d'Iddi kéim beim Bau vun engem Lycée dofir ze suergen, dass en d'Kommodosprozedur, d'Naturschutzgesetz asw. net bräicht an där Form ze respektéiere wéi d'Gesetz ass? Op déi Iddi kënnt nëmmen eng Verwaltung, déi déi Mentalitéit, déi ech beschriwwen hunn, entwéckelt huet.

An dass den Här Goebbels natierlech während Joren a Jorzéngten esou eng Mentalitéit ënnerstëtzt huet, well se him an de Krom gepasst huet, dat wonnert eis natierlech net.

Dass d'Mme Hennicot, där ech net déiselwecht Absichten ënnerstellen, sech awer och vun hirer Verwaltung op esou en dënnt Äis lackele léisst, dat erstaunt eis dach awer.

Hei muss ee wierklech d'Fro stellen, huet hei eng Verwaltung sech verselbstännegt? Et mengt een et bal.

An, Här President, wa mir scho säit Joren ëmmer erëm drop pochen, dass de Fonds des routes sech misst, wéi aner Fongen och, un den Artikel 99 vun der Konstitutioun halen an och kloer finanziell Limiten a seng Projeten agesat ginn a misst hei an d'Chamber zrëckkommen, wann dës Limiten iwwerschrott ginn, dann ass dat net nëmme well mir vum Fong hier net ëmmer ganz frou si mat alle Projeten, déi an deem Fonds des routes sinn, mä well mer der Meenung sinn, dass hei e Risiko besteet, dass e Stat am Stat entsteet an dass do einfach Saache sech verselbstännegen an da sëtze mer hei, wéi mer haut hei sëtzen, mam Resultat, dass mer elo müssen zweemol iwwert deeselwechte Projet ofstëmmen.

An et wier och keng aner Verwaltung op d'Iddi komm dës Prozedur ze maachen. An, Här President, do kommen ech op de wichtege Punkt. En ass schonn deelweis vu mengem Virriedner, dem Här Gibéryen, ugeschwat ginn. Och eis als Gréng geet et hei net ëm de Fong vun der Ëmweltproblematik. Wann een d'Annexe 4 duerchliest, da kann ee soen, am Kontext vun där Autobunn gëtt dat gemaach wat ze maachen ass. Dat wëlle mer hei iwwerhaupt net diskutéieren. Dorëms geet et eis och bei där heiter Diskussioun net.

Mä eppes wat elementar ass a wat nach keen hei opgeworf huet, wat fir eis awer ganz wichteg ass a wat an dee Kontext erapasst: Hei ginn net nëmme gewësse Prozedur vu gewëssene Gesetzter ausser Kraaft gesat, hei geet och d'Recoursrecht fir eng ganz Rei Leit verluer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären.

Esouvill wéi ech weess, kann eng Naturschutzorganisatioun net géint e Règlement grand-ducal kloen. Esouvill wéi ech weess, kann eng Gemeng net géint e Règlement grand-ducal kloen.

Wa mer déi hei Prozedur ugewannt hätte bei Haebicht, da wier Haebicht haut gebaut, well d'Gemeng Mamer hätt guer net kënne géint e Règlement grand-ducal iwwer Haebicht Recours huelen.

A wa mer déi Prozedur bei der Aérogare ugewannt hätten, da wier déi längst gebaut an dann hätte mer elo net de Stopp, wou mer gesot kritt hunn, dass Saachen net an de Rei wieren.

Ass et wierklech dat wat och dës Regierung wëllt? Ass et wierklech dat, dass se fir hir Projete Prozedur wëllt regelméisseg afréieren, wou all normale Mënsch dobaussen, deen e Projet huet, muss eng Kommodosprozedur duerchlafen, wou eng Gemeng ka Recours

huelen, wou eng Naturschutzorganisatioun ka Recours huelen? Ass dat och d'Philosophie vun dëser Regierung? Dat ass de springende Punkt, ëm deem et haut de Mëtteg geet, ob dës Regierung an d'Fussstapfe vum Här Goebbels klëmmt a genee déiselwecht Prozedur fir hir Stroossebauprojekte wëllt weider an Zukunft maachen.

Dat ass de springende Punkt, op deem ech gär eng Äntwert hätt. Ech mengen net, esouwäit wéi ech mech informéiert hunn, dass eng Gemeng nach eng Chance huet géint e Règlement grand-ducal ze kloen an dass eng Naturschutzorganisatioun, déi zum Beispill e Recoursrecht huet am Kommodo, nach ka géint dee Règlement grand-ducal kloen, deem Dir elo eng Kéier wäert publizéieren am Kontext vun de Saarstrooss-Recoursen. Dat fanne mir wierklech net an der Rei. Mir hunn dat scho bei der Nordstrooss net an der Rei fonnt. Hei gëtt nach eng Kéier déiselwecht Prozedur gemaach.

Da brauch ee sech net ze wonneren, wann da Leit um Terrain genee dat maache wéi déi Famill vun Helleng, dass se soen: Dat ka jo net sinn. Wa mir e Gaardenhaische bauen, da musse mir eng Genehmegung vum Buergermeeschter hunn a wann de Stat eng Autobunn mëtten duerch eis Gemeng baut an iwwer eis Propriétéit, da gëtt e sech extra Prozeduren, fir dass e gewësse Saachen net brauch anzehalen.

Dat ass de springende Punkt vun der Diskussioun an ech ka mech nëmme wonneren, dass den Här Scheuer déi Prozedur och nach gutt fënnt. Dat enttäuscht mech wierklech vu senger Säit.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Här Gira, dat war dach eent vun den Argumenter vum Statsrot, fir den Text vun der Regierung ëmzeänneren, dat mer jo och acceptéiert hunn, fir dass déi Recoursméiglechkeet nach gi wier.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Awer nëmme fir déi privat Leit, Mme Minister. Déi behalen hiirt Recoursrecht doduerch, dass e Règlement grand-ducal kënnt, mä Dir schléisst d'Naturschutzorganisationen an d'Gemengen vun engem Recoursrecht aus, ausser Dir kënnt mech dovun iwwerzeegen, dass eng Naturschutzorganisatioun oder eng Gemeng och ewell d'Recht hätt géint e Règlement grand-ducal ze kloen. Mengen Informatiounen no ass dat net de Fall. An ech mengen net, dass et gutt wier, wa mer bei Haebicht a bei der Aérogare datselwecht gemaach hätten. Da verstinn ech och net, firwat dass mer et op eemol solle bei de Stroosse maachen. Dat ass a bleift fir eis e politesche Skandal.

An da sinn ech beim zweete Punkt vum juristeschen Abenteuer. Mir verstinn et duebel net, well duerch eng Opposition formelle vum Statsrot de ganze Schlamassel nach vill méi grouss ginn ass. An dat ass och dat wat nach kee vun de Riedner hei opgeworf huet. Et kann ee politesch net mat Ärer initialer Démarche d'accord sinn,

fir esou virzegoen, wéi Der de Projet de loi déposiert hutt. Zumindest hat deem eng gewësse Logik fir ze soen, an deem Projet de loi sinn déi ganz Ausféierungsbestëmmungen dran.

Elo kréie mer awer eng Opposition formelle vum Statsrot, aus deenen Ursachen - déi Dir, Mme Minister, virdu selwer gesot hutt -, fir d'Recoursrecht zumindest fir d'Privatleit oprecht ze halen, mä da bässt jo awer d'Kaz sech an de Schwanz, well dann ass jo d'Integralitéit vun der Strooss net méi am Gesetz an dann erfëllt se eiser Meenung no net méi d'Konditiounen fir konform zur neier Direktiv vun 1997 ze sinn.

Et ass eiser Meenung no da keen Acte législatif spécifique méi an ech wëllt aus dem Statsrot sengem Avis zitieren, deem d'Cour de Justice zitiert, déi seet: "Une loi ne peut être considérée comme adoptant un projet en détail, si elle nécessite l'adoption d'autres actes pour ouvrir au maître d'ouvrage le droit de réaliser le projet".

Ech stellen hei d'Fro, Här President: Ass dann dee Règlement grand-ducal, deem elo nach muss geholl ginn, eppes anescht wéi "un autre acte", fir dass dës Regierung déi Autobunn dann elo endlech kéint bauen? Mir sinn der Meenung, dass do ganz uerg Zweifel bestinn an ech versti wierklech net, dass dës Majoritéit dëst juristescht Abenteuer wëllt agoen.

Den Här Calmes hat Bedenken, Här President. D'Mme Ministesch hat selwer zu engem gewëssene Moment an där leschter Sitzung eng Rei Bedenken a mir hunn de leschten Dënschdeg net fir näischt d'Propos gemaach, fir vläicht aacht oder véierzeng Deeg Loft ze huelen, fir eis zesummenzesetzen an definitiv ze kucken, ob dat do dann elo d'Léisung ass duerch deem neie Moment vun der Opposition formelle vum Statsrot.

Mir verstinn et einfach net, dass elo, wéi ech am Ufank gesot hunn, mam Kapp duerch d'Wand gefuer gëtt an dat hei elo gemaach gëtt, zemoos wann ee weess, an dat ass gewosst, dass dobaussen d'Leit an de Startbléck sëtze fir Recours ze maachen aus där Logik, déi d'éinescht hei duergestallt ginn ass an déi mir Gréng selbstverständlech ënnerstëtzen. Dofir versti mir net, dass elo net nach eng Kéier am Detail gekuckt an dat eenzeg Richteg gemaach ginn ass.

Ech verstinn dat ëmsou méi net, wann ee kuckt, wat de Statsrot an deem anere Gesetz proposéiert huet. Do läit e fäerdeg Text, dee mer stëmme kéinten, fir d'Direktiv ëmzesetzen. Da bräicht ee jo nëmmen d'Prozedur nach eng Kéier ze maachen an da wäre mer 100%eg sécher, dass mer eis net blaméiere géingen. Dir wäert verstoen, dass déi Gréng bei dësem juristeschen Abenteuer net wäerten derbäi sinn an dat net wäerte matmaachen, onofhängeg vun der Opportunitéit vun der Strooss.

Ech wëll zum Schluss nach e Wuert zu engem Nieweprojet vun dëser Autobunn soen an zwar zu där scho genannter Tankstell.

Grad dës Woch ass mer opgefall, dass dës Majoritéit ëmmer méi Chamäleonsqualitéiten amgaang ass ze entwéckelen. Je nodeem wien, wat, wou an a wéi engem gewësse Kontext seet, hält dës Majoritéit eng aner Faarf un. Eng Kéier ass et e bësse méi e grénge Mäntelchen, dann erëm e bësse méi e bloen. Och emol heiansdo méi e schwaarzen. Ech ka mat e puer Beispiller dinge.

Den Här Calmes setzt sech, esou wäit e kann, fir d'Sonnenenergie an. De Wirtschaftsminister zweifelt un der Méiglechkeet se anzusetzen.

Den Här Schank plädéiert am Kontext vu Kyoto fir de BTB. Deen aneren Dag kritt e vum Här Rippinger relativ kloer an däitlech gesot, e wier am falsche Film.

Dëschdes votéiert d'ganz Majoritéit unanime mat eis alleguer de Kyoto-Protokoll an Donneschdes bréngt se e Rapport hei vir, wou da massiv eng weider Tankstell op der Saarstrooss verlaangt gëtt.

Ech weess net, ob et Chamäleonsqualitéite sinn oder ob et déi schonn ugesprache Schizophrenie ass, déi un den Dag kënnt, jiddefalls kënne mir dat net verstoen. Mir verstinn och net, wéi laang dass dës Taktik nach soll no baussen opgoen. Mir hoffen, dass d'Leit esou séier wéi méiglech dës Spillchen duerchkucken a wierklech déi richteg Fro stellen: Wat ass dann elo eigentlech d'Richtung vun dëser Majoritéit?

Et gëtt eng Rei vu ganz konkrete Froen ze stellen am Kontext vun dëser Tankstell, och eng Rei vu praktesche Froen.

Wat bréngt se iwwerhaupt? Den Transit fir a Frankräich huet zu Bierchem eng Tankstell. Den Transit fir an d'Belsch huet zu Capellen eng Tankstell. An all dee lokalen Trafik, deen huet honnerttausend Tankstelle lénks a riets, fir sech ze versueren. Dat zum Prakteschen.

Zum Finanziellen. Ech huelen net un, dass Lëtzebuerg op dat zousätzlech Akommes vun Akzisë vun där Tankstell ugewisen ass.

Et muss een d'Fro stellen: Wie wëllt dann iwwerhaupt déi Tankstell? Den Här Grethen huet schonn öffentlech gesot, e wär net Demandeur. D'Mme Ministesch huet anscheinend an enger Réunion och gesot, si wär net Demandeur. Da froen ech: Wien ass dann eigentlech Demandeur vun dëser Tankstell? Ass et ieren de Finanzminister oder huet och hei d'Verwaltung sech verselbstännegt a seet einfach: Bei eng Autobunn gehéiert eng Tankstell an da baue mer eng, ob ee se wëllt oder net. Eent ass zumindest sécher, d'Gemengen, d'Bierger an d'Biergerinnen aus där Géigend sinn net Demandeur. Mir sinn der Meenung, dass een dat dann och soll respektéieren, well op där anerer Säit wierklech keng zwéngend Ursaache sinn, fir dës Tankstell ze bauen.

M. Lucien Clement (CSV).- Nennt mer eng Uertschaft, déi Demandeur ass, fir eng Tankstell ze kréien.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Brauche mer nach eng zousätzlech Tankstell? Dir kritt elo d'Geleeënheet, fir dat klor an däitlech auszedrécken.

M. Lucien Clement (CSV).- Dir hutt gesot, d'Bierger sinn dergéint, fir eng Tankstell anzerichten. Ech hunn lech d'Fro gestallt: Gëtt et eng Uertschaft am Lëtzebuurger Land, wou d'Bierger fir eng Tankstell sinn?

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Ech géing mengen net, well mer der genuch hunn. Hu mer der net genuch?

Här Clement, ech stellen hei fest, dass den Här Grethen offiziell seet, e wär net Demandeur. Ech hu mer soe gelooss, d'Mme Ministesch wär - zumindest inoffiziell an enger Réunioun - net Demandeur.

Da stellen ech d'Fro. Ass vun der Regierung dann iwwerhaupt een Demandeur fir déi Tankstell?

A wann ech da gesinn, dass weder d'Gemengen nach d'Leit se wëllen, da froen ech einfach: Wie wëllt dann déi Tankstell a wem bréngt se eppes? Dat ass eng einfach Fro, déi ech hei opwerfen.

Wann op där enger Säit anscheinend jo keen Demandeur an der Regierung ass an op där anerer Säit mer esou eng Oppositioun hunn, da kommt, mer huelen eng Décisioun a soen: Da loosse mer déi Tankstell falen. Et wäert sech wuel dowéinst am Lëtzebuurger Land net schrecklech vill änneren, well dat, wat hei gewësse Leit probéieren deene Leit op der Musel klor ze maachen, si géingen u Liewensqualitéit wanne bei hiren Tankstellen, wann eng nei derbäi kéim, déi géif ech ganz gären eng Kéier mat op de Wandhaff bei Stengefort huelen. Do gesäit een, wat aus enger Tankstell baussent der Autobunn no 10 Joer Autobunn geschitt, well do halen an Tëschenzäit, illegal souguer muss ee soen, nuets méi Camionne wéi op der Tankstell zu Capellen.

Dat ass dat, wou d'Leit vu Schengen a Rëmerschen sech Illusiounen maachen. Déi éischt puer Joer ass och vläicht ganz e bësse manner Trafik, mä bei de Camionen hu se guer näischt, déi dierfen theoretesch iwwerhaupt net vun der Autobunn erof an no 10 Joer, wann déi eng Tankstell voll ass, da fuere se nawell ënnen an d'Lach. Dat kënnt Der um Wandhaff an och op anere Plaze genee gesinn. Dofir bréngt dat mëttel- a laangfristeg näischt.

Mir hunn en Dëschdeg eng Motioun hei abruecht, well mer der Meenung sinn, dass een endlech dat Tabuthema Tanktourismus muss brieche, dass een zumindest emol muss klor Chiffren op den Dësch kréien, well wéi gesot, déi eng schwätze vun 12 Milliarde Revenu, anerer vu 25 Milliarden. Mir wieren emol frou ze wëssen, wéivill et richteg ass.

Da muss een och déi negativ Répercussiounen kucken. Et muss ee kucken, wat vu Liewensqualitéit verluer geet.

Wann dat emol um Dësch ass, si mir da bereet iwwert ee Scénario nozedenken, deem 10, 15 Joer kann daueren, fir déi Ofhängegkeet vun deem Tanktourismus zumindest ze reduzéieren?

Mir si Realist genuch, fir ze wëssen, dass mer net vun haut op muer kënnen do erausklammen an d'Präisser esou héich maachen, mä et missten awer Scénarioe virstellbar sinn, dass zumindest den Impakt vun deem Tanktourismus generell mä och am Kader vu Kyoto net zouhëlt an dass een d'Dépendance vun deem Phenomeen lues a lues kennt zrückschrauwen. Dofir déposéieren ech an deem Kontext eng Motioun, déi ganz einfach d'Regierung opfuerdert, hire Projet vun där Tankstell falen ze loossen. Ech mengen, Här President, dass zwee Deeg nodeem mer heibannen unanime de Protokoll vu Kyoto ugeholl hunn, et eis als Chamber géif gutt zu Gesiicht stoen, dës Motioun unzehuelen.

Motion 1

La Chambre des Députés

- *constatant que le Conseil communal de Mondorf-les-Bains en sa séance du 22 février 2001 s'est prononcé contre l'implantation d'une aire de repos avec station de service au site sur le territoire de la commune de Burmerange tel que ce site a été retenu par le Gouvernement en séance du Conseil de Gouvernement du 9 février;*

- *constant que le Conseil communal de Burmerange en sa séance du 14 février 2001 s'est opposé formellement à l'égard de l'implantation d'une aire de service sur le territoire de la commune de Burmerange;*

- *constatant que dans une pétition à Monsieur le Président de la Chambre des Députés en juillet 2001, une grande majorité des habitants de la Commune de Burmerange déclare son désaccord avec la construction d'une aire de service et de repos;*

- *considérant que le Grand-Duché de Luxembourg vient d'approuver le Protocole de Kyoto;*

- *considérant que la consommation des carburants a une influence disproportionnée sur nos émissions et que la majorité de la consommation de carburant est imputable aux non-résidents;*

- *considérant que l'aire de service et de repos projetée aura comme conséquence inévitable une augmentation de la vente de carburant aux non-résidents;*

invite le Gouvernement

- *à abandonner le projet de construction d'une aire de service et de repos sur l'autoroute de la Sarre.*

(s.) Camille Gira, François Bausch, Robert Garcia, Jean Huss, Renée Wagener.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Aloyse Bisdorff.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess net, ob de gordesche Knuet, vun deem den Här Scheuer elo grad geschwat huet, definitiv duerchgeschloe soll ginn. Heiansdo kennt ee mengen, et wär besser, et entwurrelt ee gedëlleg eppes, wéi dass een et duerchschléit, besonnesch dann, wann een d'Kraaft dozou net huet.

De Versuch an deem de Bau vun der Saarausbunn komm ass, ass zwar net d'Verschëlde vun der heiteger Bauteministesch, awer ech sinn net iwwerzeegt, ob dee Wee, deem elo ageschloe gëtt, dee richtegen ass. D'Net-Anhale vun der europäescher Direktiv bei dem Vote vun deem éischte Gesetz ass jo d'Ursach, firwat mer elo nach eng Kéier hei mussen untrieden an ee Gesetz maachen iwwert déi Gesamtausbunn, woubäi jo schonn e groussen Deel dervu fäerdeg ass.

Déi Direktiv an d'Gerichtsuerteel vun dem europäesche Gerichtshaff hu gesot, dass d'Chamber misst déi Informatioun kréien, déi néideg sinn, an déi och deenen Autoritéite virgeluegt musse ginn, déi zoustänneg sinn, fir déi verschidden Autorisatiounen ze ginn um Gebitt vum Ofholzen, dem Naturschutz, dem Waasser an der Offallwirtschaft.

Elo leien déi Informatioun vir an deenen Annexen a si souguer Bestanddeel vun dësem Gesetz. Ech froe mech, well dat elo eréischt virun aacht Deeg geschitt ass an et e voluminöst Dokument mat 130 Säiten ass, ob dat duergeet, wann déi Annexë virleien, ouni dass vläicht jiddereen Zäit hat, fir se richtig ze studéieren.

Duerch d'Feele vun den Impaktstudië beim Votum vun dem éischte Gesetz war d'Méiglechkeet ginn, Asproch ze huelen. Déi Leit hunn dann och Recht kritt. De Bau ass gestoppt ginn an elo kennt en neit Gesetz, dat der Regierung d'Erlaabnis gëtt, eng Strooss ze bauen, déi scho bal fäerdeg ass.

Elo sinn déi Annexen an d'Gesetz integréiert, just eng, dat heescht déi véiert, déi soll awer duerch e Règlement grand-ducal ëmgesat ginn. Ech muss soen, ech verstinn dat net richtig. Dat liicht mer net richtig an. Wann d'Detailer schonn an engem Gesetz sinn, firwat dann nach eng Kéier datselwecht an engem Règlement grand-ducal, à moins dass ee mengt, duebel genéit hält besser.

Et ass eng Konzessioun un de Statsrot, dee verlaangt, dass iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal, awer elo nëmmen um Gebitt vun der Annexe IV, net op deenen anere Gebitter, kennt nach eng Kéier vu Privaten en Asprochrecht ausgeübt ginn.

Déi wichteg Annexe III awer, déi iwwert d'Emprisen, déi gëtt net esou behandelt. Et kann een dofir Zweifel hunn, ob dat Ganzt, esou wéi et elo zesummegefléckt ginn ass, riicht ausgeet. An esou eng Situatioun kennt een eran, wann een alles wëllt iwwerstierzen, öfters ass dee lueste Wee dach awer dee richtigste Wee an och dee schnellsten.

Nach e wichtige Punkt wëll ech uschneiden: den Tunnel vum Markusbiërg. An der Beschriewung an der Annexe I geet Rieds vun engem Tunnel mat véier Bunnën, enger Längt vun 1.575 Meter a 5% Gefäll. Déi fäerdeg Strooss, déi wäert e ganze Koup vu Camionsverkéier unzéien. Mir wëssen, wéi geféierlech dass déi Tunnele sinn an deen heiten, och nach mat engem Gefäll vu 5%, ass besonnesch geféierlech, souwuel beim Erop- wéi beim Eroffueren, wou d'Camionen, wa se schwéier beluede sinn, musse bremsen a wou mer wëssen, dass öfters déi Bremse versoen.

Et ass bekannt gi beim Onfall vum Gotthard-Tunnel, dass vun un dass en exploitéiert gëtt, sech de Camionsverkéier verdräifacht huet vun ongeféier 300.000 op 1 Millioun pro Joer.

Net nëmmen doduerch, dass déi Strooss elo gebaut gëtt, wäert de Camionsverkéier zouhuelen, mä e géing och nach zousätzlech zouhuelen, wann déi Tankstell, déi am Gespréich ass, géing gebaut ginn. Glécklecherweis hunn ech am Gesetzestext bei den Emprisen näischt fonnt, wou Terrain reservéiert wär, fir esou eng Tankstell ze bauen, esou dass dat an dësem Gesetz net virgesinn ass, mä et weess ee jo ni, wat nach kënnt, well et sinn net d'Gemengen, déi eng Tankstell froen oder d'Biergerinitiativen, et ass den Drock vun der Pétrollobby, déi nach gären eng Tankstell do hätt an déi hofft, dass duerch d'Unzéie vu gréisserem Verkéier hiren Émsaz an d'Luucht geet.

Ech sinn net sécher, ob d'Geforesituatiounen, déi mat deem Tunnel verbonne sinn, a mat deem Camionsverkéier, deen ëmmer méi grouss gëtt, alleguer ausgeraumt sinn an ob et eng Etüd gëtt, déi d'Sécherheet vum Verkéier an deem Tunnel ënnersicht huet an déi Moosnamen, déi noutwendeg sinn, fir d'Sécherheet oprecht ze erhalen, zrëckbehält. Am Gesetzestext hunn ech näischt fonnt. Mä dat ass net déi eenzeg Ursaach, et ass dee gesamte gestréckte Gesetzesprojet, dee mech dozou bréngt, deem meng Zoustëmmung net ze ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet de Minister fir de Stroossebau, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech soe fir d'alleréischt dem honorablen Här Strotz merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport an och fir d'Aart a Weis wéi d'Aarbechten an der Kommissioun konnte virugeen, wéi mer do ëmmer d'Bereitschaft haten, fir dëse Projet och hoffentlech kënne zu engem gudden Enn ze bréngen.

Ech muss lech soen, ech si mat villem d'accord wat gesot ginn ass, mä mat villem awer och net. Ech hunn um Enn vun dëser Debatt e puer méi prinzipiell Bemierkungen ze maachen iwwer eis Prozeduren an eisen Émgank mat de Prozeduren, well d'Beispill vun der Saarstrooss ass a

muncher Hinsicht e Beispill, dat kee Modellcharakter huet fir d'Aart a Weis wéi mer mat de Prozedure sollen ëmgoen. Et gouf zwar bis elo keng Verzögerung vum Chantier, a mir wäerten och haut net definitiv kënne eng Äntwert ginn, ob déi Léisung, déi mer elo gewielt hunn, eis och definitiv dozou bréngt, dass mer déi néideg Terrainen zur Verfügung hunn, fir d'Strooss ganz duerchzebauen.

An den Autorisatiounen, vun deenen d'Gesetz elo de Bauhär dispenséiert. Firwat dispenséiert? Well se schonn accordéiert goufen. Dat heescht, et ass keng Ausserkraaftsetzung vu bestehende Gesetzer. Et ass eng Formule, déi seet, déi Autorisatiounen, déi scho souwisou fir déi am Bau bestehend Strooss do sinn, brauchen net nach eng Kéier ageholl ze ginn.

D'Regierung hofft elo, dass se déi Saarstrooss, déi 1995 mat 52 Stëmme géint 5 bei 3 Enthaltung gestëmmt gouf, zu Enn baue kann, dass se och d'Méiglechkeet huet, wa se mam Propriétaire, deen zu Helleng den Terrain nach misst hierginn, iwwert de Wee vun der Expropriatioun weinst Utilité publique, duerchgesat kritt, a Propriétéit vun deem Terrain ze kommen.

Ech wëll awer hei ausdrécklech betounen, d'Expropriatioun ass an mengen Aen e graven Akt an et soll een och nëmmen drop zrëckgräife wann et keng aner Léisung gëtt.

Ech war net bei dëse Verhandlungen dobäi. Ech hat awer eng Kéier Kontakt mat der Famill Linster an ech hunn do gespuert, dass keen anere Wee méi méiglech wier. Wie weess, vläicht hu mer elo no dem Vote vun dësem Gesetz nach eng aner Chance.

Firwat hu mer Prozeduren? D'Prozedure sinn do, fir dass den eenzelne Bierger sech ka wiere géint d'Iwwerhand, géint d'Willkür vun engem Stat. D'Prozedure sinn awer och do, fir eng Gemeinschaft ze schützen. Wann elo en eenzelne Bierger säin Interesse virun dee vun der Allgemengheet stellt, dann ass dat och zumindest eng moralesch Verantwortung, well meng Iwwerzeegung ass et, dass, net well ee Propriétaire ass oder well ee räich ass, ee keng Verantwortung huet vis-à-vis vun aneren an dass d'Propriétéit och eng moralesch Verflchtung huet.

Wa mer elo den Terrain zu Helleng net kriiten, da misst eng Opfaart zu Helleng gebaut ginn an domat de Verkéier duerch d'Uertschaft goen. Dat heescht, eng ganz Communautéit kréich dann doduerch eng Méibelaaschtung. Eng Gemeinschaft kann net fonctionnéieren, wann et net Rücksicht op deen een an op deen anere gëtt an, Här President, déi gewielte Volleksvertrieder an der Chamber an an de Gemenge sollen hir nobelst Aufgab doranner gesinn, d'Allgemengheet viru Mëssbrauch vum Eenzelnen ze schützen, awer och viru Mëssbrauch vun den Institutiounen, och munchmol vun de Gemengen.

Et waren der vill, déi 1995 mat dem gewielten Tracé net d'accord waren. Et hunn och heibannen Deputéierte fir

d'Strooss gestëmmt a sech géint de gewieltenen Tracé ausgeschwat. Si hunn den nationalen Interessen, deen dës Strooss huet, hire lokale Wënsch oder de Wënsch vun Eenzelnen iwwergeuerdet. Dat ass responsabel an demokratesch, well mir wëssen alleguer, datt d'Diskussionen iwwer Tracéen a Standuerter kontrovers sinn an datt déi, déi heiriwwer ze entscheeden hunn, et och net einfach hunn.

Ech gi mech och net mam Schwert ofmole loossen, fir e Knuet hei duerchzeschloen, deen den Här Goebbels net duerchkritt huet. Prozedur sinn an éischter Linn do fir d'Leit ze schützen virun der Willkür vum Stat a vun de Gemengen, virun der Zerstéierung vun eiser natierlecher Ëmwelt, virun der Belaaschtung duerch Kaméidi oder Loftverschmutzung, déi all Stroossebau noutgedronge matsechbréngt, awer och virun der Belaaschtung vum Verkéier duerch Wunngëbitter.

Här President, ech hu mech engagéiert d'Prozeduren ze respektéieren. Ech si fréier als Buergermeeschtesch domat ëmmer gutt gefuer.

Bei der Saarstrooss hat déi viregt Regierung gemengt, si géif mat der Prozedur der europäescher Direktiv entsprechen. Si war der Meenung, si war dës guddes Glaafs, d'Gesetz vun 1995 wier en Acte spécifique, esou wéi dat alles de Mëtteg hei ausernee geluegt ginn ass. Et huet sech erausgestallt, datt dat net richteg war a mir hu gesinn, datt, well keng formal Publikatioun an de Gemenge gemaach gouf, mer ganz sécher um europäesche Geriichtshaff Onrecht kritt hätten.

Aus deem Grond hu mer dee Wee gewielt. Elo kann ee soen, mir hätten d'Direktiv fir d'éischt sollen ëmsetzen. Ech kommen herno nach dorop zrëck.

Well de Statsrot Bedenken hat iwwert d'Annexe 4, dat heescht, iwwert deen éischte Regierungstext, hu mer dee ganzen Tracé an d'Kompensationen, déi dora beschriwwen sinn, iwwer Reglement wëllen huelen, esou wéi de Statsrot et virgeschloen huet. Dem Statsrot sàin Argument ass erëm eng Kéier e prozeduraalt. E seet, dat géif erëm d'Bierger ëm hir Rechter beschneiden, fir géint déi Dispositionen ze reklaméieren.

Ech sinn zwar der Meenung, datt, nodeem am Summer 2000 an de betraffene Gemenge jiddereen d'Geleeënheet hat fir seng Reklamatiounen virzebréngen, d'Regierung domat keng Aschränkung géint d'Rechter vum Bierger gemaach hätt, mä vu datt dem Statsrot seng Opposition formelle en zweete Vote vun der Chamber bedéngt hätt an domat den definitive Vote bis an d'Fréijoer vum nächste Joer zrëckversat gi wier, sinn ech der Meenung, Här President, datt mer elo, souguer wann nach ee géif reklaméieren, net méi Zäit géife verléieren ass wéi wa mer et anescht gemaach hätten. Mir mussen et einfach elo drop ukomme loossen an ofwaarden.

An de leschte Jore sinn an eise Stat Institutionen bäikomm. Mir hunn zwee Gerichter bäikritt, mir hunn

eng Cour des Comptes bäikritt, a vläicht ass déi Schwéierfälligkeit, déi mer fir de Moment hunn an déi verhënnert, datt mer den Infrastrukturrückstand net méi séier kënnen ophuelen, dorop zrëckzeféieren, datt dat Riederwierk nach net richteg aneneegraift.

Et ass jo kloer, datt all Instanz hir Rechter bis zum Schluss ausüben wëllt. Ech fannen awer, datt munchmol d'Kand mam Bued ausgeschott gëtt wann et net méi ëm d'Saach geet, mä nëmmen nach drëm wie Recht huet, da komme mer esou wäit, wéi mer hei bei der Saarstrooss sinn. Da baue mer vläicht am Endeffekt fir 10 Milliarden eng nei Strooss, déi mer dann awer nach op e puer 100 Meter duerch eng Uertschaft féieren.

Ech maachen hei en Appel un de gesonde Mënscheverstand vun de Lëtzebuerger. Ech maachen och Referenz op deen Appel, deen den Här Gibéryen als Buergermeeschter vun där betraffener Gemeng gemaach huet. Et éiert en, datt en och hei en nationaalt Bewusstsein huet fir d'Gravitéit vun der Situatioun.

Et muss och nach e kollektiivt Bewosstsinn ginn, datt, wa mer net allegueren nach méi laang wëllen am Stau stoen, et an eise Land awer nach méiglech muss sinn déi Stroossen, déi mer brauchen, och ze bauen an dann natierlech och deen Zuch, dee vun deene grénge Kollegen hei ëmmer gefrot gëtt.

En anere Problem bleift nach ze léisen. Dat ass dee vun der Tankstell. D'Chamber huet elo eng Motioun virleien an där gefrot gëtt, et soll ee keng Tankstell bauen, eng Autobunn vun 21 Kilometer ouni Tankstell. Ech muss soen, datt ech op d'mannst vun enger Gemeng eng Demande hu fir déi Tankstell. Dat ass d'Gemeng vu Rëmerschen, déi op d'mannst esouvill Ënnerschrëfte gesammelt huet dofir, wéi d'Gemeng vu Biermereng dogéint, well d'Gemeng vu Rëmerschen fäert, dee ganzen Trafic, deen nun eemol duerch eis Bensinspräisser entsteet, géif dann an hir Uertschaft kommen.

An den Transportminister huet elo scho schrëftlech matgedeelt, datt hien net bereet ass déi Offaarten ze verbidde fir Camionen, am Fall wou keng Tankstell op d'Autobunn kéim. Mat Sécherheet géif also dee ganzen Trafic sech an deenen ëmleiden Uertschaften alimentéieren. Den Emplacement vun där Tankstell ass e Politikum éischter Klass. Nodeem an der Gemeng Mondorf d'Oppositioun géint eng Tankstell d'Wellen héichgoe gelooss huet, nodeem mer haut d'Mme Buergermeeschter als honorablen Deputéierten an der Majoritéit sëtzen an och an eng national Verantwortung matagebonnen hunn, ass natierlech d'Responsabilitéit vun all deene Leit, déi laanscht den Tracé vun der Autobunn wunnen, net méi mat der Gemengegrenz limitéiert.

D'Buergermeeschtere vu Biermereng, d'Häre Bertrand a Floechinger, waren an der Fro vum Emplacement vun

der méiglecher Tankstell bei der Bauteministerin verstänneg Gespréichspartner. Dat éiert si iwwert den Doud eraus. De jetzege Buergermeeschter vun der Gemeng Biermereng huet mech an engem Schreiwes vu virgëschter wësse geden, ech soll mer jo keng Illusiounen maachen, well wann d'Gemeng bei enger Réunioun um Site och matdiskutéiert hätt, da géif dat net heeschen, datt si hir Oppositioun géint eng Tankstell géif opginn.

Nodeem elo zum Schluss zwee Siten zrëckbehale gi waren an enger Impaktstudie, och ee Site proposéiert ginn ass, freet elo d'Gemeng, nodeem se awer vun Ufank u seet, si géif hir Oppositioun net opginn, erëm eng nei Impaktstudie.

Här President, ëmmer méi gëtt de Bauteministère domat konfrontéiert, datt net nëmme Biergerinitiativen an och Interesseveräiner géint Bauprojekte sinn, mä ëmmer méi och d'Gemengen, déi heiansdo duerch hir gewielte Mandatären Ënnerschrëfte sammelen an déi ustiwwelen, mat grousssem Succès iwwereng, well wat fir e Bierger géif sech schonn traue fir sengem Buergermeeschter oder senger Buergermeeschtesch d'Ënnerschrëft ze verweigere.

De Stat kritt hei e grave Problem, well wou komme mer hin, wann all Gemeng nëmme hiren eegenen Intérêt kuckt, wa keng Solidaritéit méi besteet, net am eenzelnen an net tëschent de Gemengen an net tëschent den Institutiounen? Et ass net d'Mme Nagel, déi gemengt ass, berouegt lech. Et ass eng aner Buergermeeschtesch.

Et kann dach net sinn, datt ëmmer d'Gemengen hei um laangen Hiewel setzen, wann et ëm Projekte vun nationalem Interesse geet. An et kann dach net sinn, datt d'Awunner vu Mondorf a Rëmerschen an all déi aner, déi nach dovunner betraff sinn, déi Belästegung, déi dann duerch de Verkéier vun der Autobunn erof duerch hir Uertschaften entsteet, mussen erdroen, well deen Emplacement, deen elo virgeschloe ginn ass, net an d'Sicht vun Elveng kënnt an den Impakt op d'Awunner vu Biermereng iwwerdréiwe gëtt.

Et ass duerchaus méiglech iwwert de Cahier des charges vun den Ausschreiwunge vun enger Tankstell och eng Gemeng finanziell dru participéieren ze loossen. Dat hunn ech mer soe gelooss. Dat erfuerdert natierlech och den Accord vum Minister vun der Economie. Ech muss awer soen, datt déi betraffe Gemeng Biermereng bis elo keng finanziell Fuerderunge gestallt huet, datt et och anscheinend emol net esou dorëm geet.

Wat ech hei wëll soen, dat ass, datt mer am Kleng wéi am Groussen amgaang sinn de grenzenlosen Egoismus ze spieren an dee kann eisem Land vill méi schuede wéi vill Gefore vu baussen.

Ech wär der Meinung, mir missten eis emol Gedanken maachen, firwat dass Prozeduren do sinn. Wa se do si fir

ze schützen, dann ass hire Mëssbrauch munchmol och de Géigendeel vun dem Schutz vun der Allgemengheet.

Zum Tunnel Markusbiereg. Den Tunnel, deen no de Sécherheetsnormen, déi fir déi modern Tunnellen an eisen Nopeschlänner gëllen, gebaut soll ginn, dee soll amplaz vun all 400 m all 200 m en Iwwergang an deen aneren Tube kréien. Dat wieren amplaz vun deenen dräi Iwwergäng, déi am Projet de loi dra stinn, der siwe fir am Katastrophefall déi beschtméiglechst Sécherheetsvirkéierungen ze garantéieren.

Dës Modifikatiounen um initiale Projet bedeiten en zousätzleche Käschtepunkt vun engen 150 Milliounen. No Gespréicher mat der Protection civile, mat der Federatioun vun de Pompjeeën an den zoustännegen Instanzen halen ech dës Modifikatiounen fir justifiéiert an och den Innenminister huet mech doran ënnerstëtzt.

Mir hu gëschter nees op eng dramatesch Aart a Weis gesinn, wéi e schwéiert Accident an engem Tunnel zur Katastroph ka ginn. Ech wëll awer ervirhiewen, esou wéi den Här Strotz a senger Interventioun dat och gemaach huet, dass et sech bei eisen Tunnellen awer ëm Tunnellen handelt, déi kee Géigeverkéier hunn. Déi zwee, souwuel dee vun der Nordstrooss wéi dee vun der Saarstrooss, si mat zwee getrennten Tube konzipéiert, esou dass ee kann dervun ausgoen, dass dee grouse Geforepunkt, deen aus dem Géigeverkéier kënnt kommen, als méiglech Ursaach vun Accidenter ausgeschloss ass.

Et ass awer eng vun de wichtegsten Aufgabe vun den Ingénieurs vun de Ponts et Chaussées, fir d'Sécherheet beim Stroossebau ze garantéieren. An och do gëtt et munchmol Konflikter, besonnesch wann Ëmwelt- a Sécherheetsmoosname fir den Autofuerer géinteneen stinn. Et kann dann awer net esou wäit goen - ech denken, dass och do d'Chamber mer Réckendeckung gëtt -, dass d'Sécherheet vum Autofuerer op eemol net méi déi éischt Prioritéit wier. Ech mengen, dat wier de falsche Wee.

Wat d'Ëmsatze vun der europäescher Direktiv, déi hei ugeschwat gouf, ugeet, do hunn ech den 8. Februar de Projet de loi an der Chamber déposéiert, esou wéi dat och vum Här Nico Loes hei gesot ginn ass. Op Wonsch vum Transportminister hu mer de 14. Juni en Amendement nogereecht, deen dann och d'Dispositiounen fir d'Eisebunn mat an dee Projet erabezunn hätt. De Statsrot proposéiert déi ganz Dispositiounen an d'Kommodosgesetz mat eran ze huelen. Am Bauteministère si meng Beroder enger anerer Meinung an ech wäert deemnächst de Conseil de Gouvernement dermat befaassen, fir do eng Propositioun ze maachen.

Ech hoffen, dass d'Chamber elo nach eng Kéier de Bau vun der Saarstrooss confirméiert. Wann alles gutt geet, dann dierft de Chantier an engem gudde Joer ofgeschloss sinn. Abrëll 2003 gëtt mer gesot.

Wat elo d'Contournement vu Sandweiler a vu Bus ugeet, do kann ech haut der Chamber d'Informatioun ginn, dass d'Aarbechten um Contournement vu Sandweiler de 5. November ufänken. Fir de Contournement vu Bus ginn d'Aarbechten am Januar 2002 ausgeschriwwen. Och do hu mer nach eng Contestatioun, eng Geschicht vun Terrainen, déi nach net ofgeschloss ass.

Wat den Accès zu Itzig ugeet, do gëtt et nach Oppositiounen, do si mer nach net iwwert de Bierg. Déi zousätzlech Aarbechten am Tunnel, déi brénge plus ou moins dräi Méint Verzögerung.

A wat déi Fro vun der Opfahrt beim Echangeur Rémerschen-Schengen ugeet, déi den Här Strotz hei opgeworf huet, do wäerte mer préiwen, wat fir eng Léisung méiglech ass, well déi Opfahrt, déi huet jo och mat der 5%eger Steigerung am Tunnel ze dinn.

Wat déi Bemierkungen zur Verwaltung vun de Ponts et Chaussées vum Här Gira ugeet, do protestéieren ech formell, dass hei Bemierkunge gemaach ginn iwwer Leit, déi sech net kënnen verteidegen. Seng Bemierkunge sinn diametral opposéiert zu deem, wat een aneren Oppositiounsspriecher, den Här Gibéryen, gesot huet, well den Här Gibéryen, deen huet d'Verwaltung gelueft an deen huet gesot, si géif um Terrain gutt mat senger Gemeng zesumme schaffen. Si wäeren zevirkommend. Si géife sech och all Méi ginn, fir déi eenzel Problemer mat de Leit ze regelen. A wann ee vun enger Verwaltung schwätzt, da schwätzt een ëmmer vun de Mënschen. Net de Minister mécht eng Verwaltung aus, och net den Direkter. Et sinn déi eenzel Leit, déi um Terrain sinn. Dofir soen ech de Membere vun de Ponts et Chaussées merci fir hiren deeglechen Asaz um Terrain.

Wat all déi aner Bemierkungen ugeet iwwer Transparenz an all déi Froen, déi Dir mir ëmmer stellt an der Kommissioun vun der Exécution budgétaire, do ass de Minister responsabel an ech engagéiere mech, dass ech der Chamber all Informatiounen ginn. Et soll net hei den Ueschäin hunn, wéi wann an der Bauverwaltung mat de Milliounen nëmmen esou ronderëm gehäit géif ginn. Och déi Verwaltung verwalt déi Suen, déi se zur Verfügung gestallt kritt en âme et conscience an zum Wuel vun de Bierger.

(Interruption)

Dat ass ganz schéin. Dat éiert och de President vun där Kommissioun. Ech hoffen, Här President, dass déi Kommissioun dann och net hiert Gesetz réckwierkend uwennt, well dat wier jo och net konform mat enger gudder Technique législative.

Ech sinn um Enn vu mengen Ausféierungen. Ech kann nëmmen hoffen, dass dat, wat ech versicht hunn an der Prozedur riicht ze bëien, mer och gegléckt ass. Ech soen all deene merci, déi mir dobäi gehollef hunn an nach hëllefen an och deenen, déi fir dëse Projet wäerte stëmmen.

Des voix.- Mme Nagel, Dir musst eraus.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Camille Gira.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG). - Här President, ech wollt vu mengem Recht fir op „parole après ministre“ Gebrauch maachen, fir e puer Sätz ze soen zu gewëssen Aussoe vun der Ministesch, Sätz, déi mir als Gréng net wëllen esou am Raum stoe loossen a wou mir eng fundamental aner Meenung dozou hunn.

Dat ass, wann elo probéiert gëtt an deem heiten Dossier - mä mir hunn et och schonn erlieft beim Dossier vun der Aérogare - praktesch deenen Organisatiounen, déi net méi gemaach hunn, wéi vun hirem fundamentale Recht Gebrauch ze maachen, fir géint eng Décisioun vum Stat Recours ze huelen, d'Schold ze ginn, dass Projekte méi deier ginn, well se doduerch méi laang daueren. Dat ass wierklech eng Duerstellung, där mir hei fundamental musse widdersprieche.

Wa bei der Aérogare deeselwechte Minister an déiselwecht Verwaltunge sech un hir Prozedure gehalten hätten, da géing de Bagger schonn um Findel fueren. A wann den Här Goebbels deemools hei all deene Leit nogelauschtert hätt, deenen Organisatiounen, deene Parteien, déi hien 100-mol drop opmierksam gemaach hunn, dass mer net korrekt wiere vis-à-vis vun der Direktiv vun 1985, da sëtze mer elo net hei.

Mir verwieren eis géint déi do Duerstellung, well domat bréngt een et jo esou wäit, dass all Oppositioun géint e staatleche Projet moralesch condemnéiert ass. Dat ass nu wierklech eng Demokratie, wéi mir eis se net virstellen. Glécklecherweis - an et ass vläicht dat, wat geännert huet -, zënter mer endlech en Tribunal administratif an eng Cour administrative hunn, ass et eriwwer mat der Bananerepublik, wou d'Bierger an Organisatiounen iwwerhaupt keng Méiglechkeet hate sech géint de Stat a gewësse Prozeduren ze wieren. Endlech hu mer emol déi néideg geriichtlech Institutiounen, wou e Privatmënsch och eng Chance huet, géint eng Décisioun vum Stat Recours ze huelen.

An all Kéier, zumindest all Kéier wann déi Leit Recht kritt hunn, kann een deene Leit kee Virwurf maachen, dass se sech géint eng arbitraire Décisioun vun enger Regierung gewiert hunn. Dat fanne mer wierklech de Combél, wann dat elo soll esou hei duergestallt ginn. Deem musse mer wierklech ganz ferm widdersprieche a mir wäerte weiderhi probéiere Leit ze ënnerstëtzen, déi sech besonnesch géint arbitraire Décisiounen vum Stat wieren. Domat huet et meeschtens ze dinn.

A wa mer gären hätten, dass national wichteg Projeten oder aner Dossierer duergéinn, da solle mer och wann ech glift déi Prozeduren applizéieren, déi dofir do sinn. Ech huelen e Beispill: Et ass vill diskutéiert ginn iwwert deen Tipp zu Folkendeng. Dat ass en typescht Beispill, wéi et falsch gemaach ginn ass. Amplaz, dass mer e Plan des déchets maache mat engem Plan sectoriel iwwert

d'Aménagementsgesetz vun 1999, wou dann iwwert d'ganzt Land, transparent a plausibel, eng Dosë bis 15 Tippe verdeelt géinge ginn, gëtt hei den Terrain der Privatindustrie iwwerlooss an e Bauer an en Entrepreneur kommen op d'Iddi zu Folkendeng en Tipp ze maachen. Dass dann déi Leit sech wieren, dat verstinn ech. A wann een eng seriö Démarche mécht, déi Gesetzer an déi Prozeduren applizéiert, déi mer eis hei ginn hunn, da sinn ech iwwerzeegt, dass et och an deem heite Land erëm wäert machbar sinn, öffentlech Projeten duerchzekréien. Dat wollt ech zu där Ausso vun der Ministesch hei klorstellen.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Maggy Nagel.

Mme Maggy Nagel (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Mme Minister, ech sinn de Mëtteg heihinner komm an hu gemengt, mir géifen iwwert de Projet de loi vun der Konstruktioun vun der Saarstrooss schwätzen.

Leider Gottes ass bei villen Orateuren, déi hei stongen, och de Punkt vun der Tankstell ervirgehuewe ginn. Ech si bis elo roueg gewiescht an hu jiddferengem nogelauschert, mä Mme Minister, elo wéi Dir geschwat hutt, sinn ech perséinlech ugesprach ginn an hu gemengt, ech misst erausgoen, wéi meng Kolleegen dohanne gesot hunn.

(Hilarité)

Ech wëll just erausgoen, net aus der Haut fueren, well ech muss lech soen, Mme Minister, ech hunn déi ganz Geschicht vun der Saarstrooss, an haaptsächlech vun der Tankstell, vun der Gebuert u matkritt, well leider Gottes awer haut soen ech: Gott sei Dank war ech 15 Joer Gemengesekretär zu Biermereng ier ech an d'Chamber komm sinn. Ech hat d'Chance ënnert dem Här Bertrand, ënnert dem Här Floerchinger an och nach ganz kuerz ënnert deem jëtzege Buergermeeschter, dem Här Vandendries ze schaffen. Ech muss soen, do wär ech awer e bësse virsiichteg mat den Aussoen, well ech weess, wéi et um Terrain war a wat fir eng Diskussioun gefouert gi sinn. Leider Gottes sinn déi Häre Bertrand a Floerchinger elo net méi ënner eis, mä déi hätten awer och haut net kënnen d'accord si mat där Stellungnahm, déi Dir elo hei geholl hutt.

Eng aner Saach, wou Dir mech ugesprach hutt, ass, dass zu Munneref Ënnerschrëfte gesammelt gi sinn, d'Buergermeeschtesch Ënnerschrëfte kritt hätt.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Neen. Mme Nagel, verdréit mer keng Wieder am Mond. Ech hu vun den Häre Bertrand a Floerchinger gesot, si wieren ëmmer gutt Gesprächspartner fir de Bauteministère gewiescht. Net méi an net manner. Dat kann ech répétéieren. A wann ech Buergermeeschteren a Buergermeeschteschen zitéiert hunn, déi Ënnerschrëfte sammelen waren, waart Dir net domat gemengt. Et gëtt nach aner Buergermeeschteschen an eisem Land.

Mme Maggy Nagel (DP).- Ech hu gemengt, et géing ëm Ënnerschrëfte goe vu Gemengen ...

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Ech soe léiwer, wien ech dermat mengen. Et ass an der Gemeng Stroossen, wou d'Buergermeeschtesch als Gemeng eng Ënnerschrëftesammlung gemaach huet géint eng Deponie, wou e grouse Projet zesumme mat der Gemeng Stroossen sollt gemaach ginn.

Mme Maggy Nagel (DP).- Ech schwätzen net zu der Gemeng Stroossen, mä ech schwätzen zu de Gemeinde Rëmerschen, Biermereng a Munneref. Wann 1995 de Bau vun der Autobunn hei diskutéiert a votéiert ginn ass, dann ass et du gewiescht, wou schonn de Feeler geschitt ass, well wéi kann een elo op eemol décidéieren, ob op eng Saarstrooss, déi emol keng Autobunn ass, eng Tankstell muss hkommen. Firwat ass dat net scho Partie intégrante vun dem Bau vun der Saarstrooss? Mir géingen esou scho laang net méi driwwer schwätzen an et wär eng aner Approche gewiescht fir déi Gemengen.

Mir als Gemengen hunn déi Saarstrooss acceptéiert aus Solidaritéitsgrënn an do ware weder Egoismus nach nationale Patriotismus um Terrain gefrot. Dat hu mer ewechgelooss. Mir hu Solidaritéit mat deene Gemeinde gewisen, déi de Verkéier hunn. Dat ass Réimech, Duelem an herno och Fréiseng. Jiddefalls, mengen ech, et wier un der Zäit eng Décisioun ze huelen an do kann ech just nëmmen dat ervirsträichen, wat den Här Goebbels 1998 an enger Informatiounsversammlung zu Munneref gesot hat: „Et ass egal wien an d'Regierung kënnt, wien de Bauteministère huet, déi Tankstell muss gebaut ginn.“

Ech hoffen, dass mer nach eng Kéier zesumme schwätzen, net nëmmen iwwert dës Saach mä och iwwert déi Saachen, déi nach kommen an emol eng Kéier d'Faarwen ewech loossen: blo, gréng, rout a schwaarz. Et dierf net ëm d'Faarwe goen, mä et soll ëm d'Saach goen an de Mënsch muss erëm eng Kéier an de Virdergrond gesat ginn an net d'Politik.

Merci.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4797 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum virleiende Gesetzprojekt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 47 Stëmme géint 6 a 7 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par Mme Nelly Stein), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Nicolas Strotz), Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Théo Stendebach), Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Georges Wohlfart), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Ont voté non: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Motioun 1 vum Här Camille Gira, déi lech textuell virläit.

D'Wuert dozou freet den Här Lucien Weiler.

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, mir proposéieren déi Motioun an d'Kommissioun vun den Travaux publics, respektiv an d'Kommissioun vum Environnement ze verweisen.

M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Mir fannen dat eng excellent Iddi.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Mir schléissen eis och deem un. Et ass e Problem, dee muss eng Kéier am Fong diskutéiert ginn an der Kommissioun.

M. Emile Calmes (DP).- D'Fro stellt sech just, ob se soll eleng an d'Bauten- an an d'Ëmweltkommissioun goen. Et gëtt hei ëmmer esou oft erwähnt, ob mer se brauchen

oder net. Ech mengen, et wier och vläicht eng interessant Fro fir d'Finanzkommissioun, an d'Landesplanung spillt ganz sécher an deem Ganzen och eng wichteg Roll.

(Brouhaha général)

M. le Président.- Wann ech gutt verstanen hunn, geet d'Motioun an d'Commission de l'Environnement an an d'Commission des Travaux publics.

Vote

Wien ass fir déi Proposition?

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, dass d'Chamber eestëmmeg d'accord ass, fir déi Motioun an déi zwou Kommissiounen ze verweisen a mir kommen dann drop zrëck.

Dann ass eng Resolutioun abruecht gi vum Här Gast Gibéryen. Déi läit lech och textuell vir. Den Här Gibéryen huet se explizéiert, esou dass ech mengen, dass mer kënnent driwwer ofstëmmen.

Den Här Calmes freet d'Wuert.

M. Emile Calmes (DP).- Ech wollt just soen, dass mir déi Resolutioun net wëllen droen. Mir wëllen eis net mat esou Spillereien ofginn. Ech mengen, et ass net un der Chamber, fir im Nachhinein hei Blämen auszedeelen. No dem Här Goebbels senge leschte fënnef Joer als Bauteminister, wou déi Décisiounen do gefall sinn, ware Walen dertëscht. Et ass um Wieler déi Blämen auszusprechen, déi déi Politiker verdéngt hunn. An deem Sënn huet de Wieler geschwat a säi Bläme ausgesprach an huet den Här Goebbels mat senger Partei an d'Oppositioun geschéckt, net nëmmen an d'Oppositioun, mä gläich bis op Stroosbuerg.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Mä erlaabt mer, Här President, awer eng Bemierkung zu där Resolutioun hei. Déi Resolutioun ass vu fënnef Leit ënnerschriwwen, ënner anerem och vum Här Jaerling. Den Här Jaerling hunn ech schonn deeg- a wochelaang net méi hei gesinn. Ech froe mech, wou den Här Jaerling eng Resolutioun, déi op haut datéiert ass, konnt ënnerschreiwen, wann en net hei ass.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, ech si frou festzestellen wéi wäit d'Demokratesch Partei muss ausfalen, fir en Argument ze fannen, fir net brauchen hei Faarw ze bekennen. Dat ass d'Haaptsaach, well Dir misst jo am Fong frou sinn, dass d'sozialistesche Partei vum Wieler dee Bläme ausgeschwat kritt huet. Dofir sidd Dir jo och an d'Regierung komm. Hei schéngt mer eischer d'Angscht vun der Demokratescher Partei ze

sinn, datt a véier Joer si un der Rei wier, fir Blämen ausgeschwat ze kréien.

(Interruptions diverses)

Dofir ass dat hei éischter preventiv aus Rücksicht op sech selwer, wou d'Demokratesch Partei net wëllt iwwert dës Resolutioun ofstëmmen. Et ass selbstverständlech, datt mer déi Resolutioun oprecht erhalen.

Wat d'Ënnerschrëft vum Kolleeg Jaerling ugeet, deen ass krank, dat wësse mer alleguer. Déi, déi et net wëssen, wëssen et dann elo.

M. Niki Bettendorf (DP). - Wou ass da säin Zertifikat?

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här Bettendorf, muss elo jiddereen en Zertifikat hei ofginn? Mä e kann dat och maachen, wann dat hei gewënscht ass.

M. Niki Bettendorf (DP). - Selbstverständlech!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Op jidde Fall, en ass krank. Et ass esou, dass esou Resolutiounen preparéiert ginn, an déi gi vun der Fraktioun gedroen. Wann awer een e Problem domadder huet, dann ënnerschreift de Kolleeg Henckes drop. Mä da géife mer awer an Zukunft, Här President, festhalen, datt op de Motiounen an de Resolutiounen kee méi därëf ënnerschreiwen, deen net och deen Dag hei an der Chamber seng Presenz schrëftlech aktéiert huet.

Mme Nelly Stein (CSV). - Dat war nach ëmmer esou!

M. Gast Gibéryen (ADR). - Dat war net ëmmer esou, Mme Stein. Dann hutt Der net gutt opgepasst.

Wa mer eis op deem Niveau eens ginn, hu mir kee Problem, fir dat ze änneren, mä dat war bis haut nach ni eng Diskussioun heibannen. Mir sträichen dann de Kolleeg Jaerling an de Jacques-Yves Henckes ënnerschreift a mir géifen domat dann Akt dovun huelen, datt an Zukunft nëmme méi Leit därëf Motiounen a Resolutiounen ënnerschreiwen, déi och deen Dag heibanne sinn.

M. le Président. - Mir huele keen Akt dovun!

(Hilarité)

Wann e Kolleeg krank ass oder verhënnert ass, da sëtze mer viraus, dass hei awer Gewëssenhaftegkeet an Éierlechkeet ass an dass kee versicht eis op d'A ze drécken. Dat huet bis elo fonctionnéiert an dat wäert och an Zukunft esou sinn.

Den Här Scheuer freet d'Wuert.

M. Jos Scheuer (LSAP). - Här President, e puer Prezisiounen, e puer Remarken.

Et ass jo net esou, datt den Här Goebbels e perséinleche Feeler virgeworf kritt. Hei geet et drëm, datt e Projet de loi net esou war, wéi en hätt misste sinn. Dat heescht, mir sollen e Bläme ausschwätze géint een, deen e Projet

de loi ze verantworten huet. Or, wann e Projet de loi deponéiert gëtt, da baséiert en op enger Décisioun, op engem Accord, dee virdru geholl ginn ass um Niveau vun der Regierung. Et ass net de Minister perséinlech, deen haftbar ass. Et ass eng ganz Regierung, déi haftbar ass, wann e Projet an d'Chamber erakënnt. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass, esou e Projet baséiert jo och op engem Accord politique tëschent Parteien an esou e Projet gëtt dann och gestëmmt. Ech ginn lech ze bedenken, datt dee Projet gestëmmt ginn ass mam Accord vun 52 Deputéierten, déi mat deem Projet de loi, op Grond vun deem de Minister elo soll e Bläme kréien, d'accord waren.

Ergo gëtt et keng Ursaach fir dem Robert Goebbels, deen net méi hei ass, e Bläme auszuschwätzen. Dat wier menger Meinung no falsch vun der Prozedur hier, falsch hier vum Inhalt an entsprécht bestëmmt net dem Wonsch vun der Majoritéit hei an der Chamber.

M. le Président. - Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Ech wëll nach kuerz äntworten op dat wat den Här Scheuer gesot huet.

Éischtens ass et net esou wéi den Här Scheuer gesot huet. Den Här Goebbels huet effektiv 1995 der Chamber hei gesot, déi Direktiv bräicht net applizéiert ze ginn. En huet gesot, e géif esouguer op d'europäescht Geriicht plädéiere goen an hien hätt Beweiser, datt dat esou wier. Dat sinn Aussoen, déi den Här Goebbels hei viru fënnef Joer gemaach huet. Déi huet keen anere gemaach.

Dat Zweet ass, och wann hei e Gesetz gestëmmt ginn ass, dann ass et nach ëmmer un der Regierung d'Gesetz am Sënn vun der Direktiv ze applizéieren. Och dat huet den Här Goebbels net gemaach. En ass also eiser Meinung no zweemol am Feeler an dofir ass dee Bläme net méi wéi ubruecht. Loosst mer eis dach eens sinn!

M. le Président. - Mir stëmmen elo iwwert d'Resolutioun of.

Vote

Déi fir d'Resolutioun si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Resolutioun ass mat 47 Stëmme géint 12 an enger Abstentioun verworf.

Ont voté oui: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf

(par Mme Nelly Stein), Norbert Hauptert, Ady Jung), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar (par M. Nicolas Strotz), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger (par M. Théo Stendebach), Marco Schroell (par M. Alexandre Krieps), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jean Asselborn), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

S'est abstenu: M. Aloyse Bisdorff.

Mir fuere weider mat eisem Ordre du jour a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4817 iwwert de Bau vun Zentralatelierë fir d'Ponts et Chaussées.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn ageschriwwen déi Här Wohlfart, Bettendorf a Koepf, d'Madame Wagener an den Här Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Nicolas Strotz.

5. Projet de loi 4817 relatif à la construction d'ateliers centraux pour l'administration des Ponts et Chaussées et d'un bâtiment administratif pour l'Unité Centrale de la Police de la Route (UCPR) à Bertrange

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Nicolas Strotz (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 4817 geet et drëm fir engersäits eenzelne Servicer vun der Administration des Ponts et Chaussées adequat Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen, fir domat méi rationell a besser koordinéiert Aarbecht kënnen ze leeschten, an anerersäits fir zwou separat Eenheete vun zwou verschiddene Verwaltungen, deenen hir Kompetenze sech deels iwwerschneiden, respektiv ergänzen, an engem Gebai ze vereenegen.

Et dréit sech hei ëm d'Division Centrale de la Voirie vu Ponts et Chaussées, déi ënner anerem och zoustänneg ass fir d'Iwwerwaachung an d'Gestioun vum CITA, dat

heescht „Contrôle et Information du Trafic sur les Autoroutes“, an ëm d'Unité Centrale de la Police de la Route (UCPR). D'Iddi, fir déi zwou Unitéiten an engem Gebai ze vereenegen, ass ze begrëssen. Esou kënnen um schnellste Wee Synergien entwéckelt ginn am Interesse vun der Regelung vum Verkéier an de Kontrollen op den Autobunnen, dat am Interesse vun der Sécherheet vun den Autobunnsbenotzer.

De Projet de loi ass de 27. Juni 2001 vun der Mme Minister déposiert ginn. De Statsrot huet kuerz virun der Vakanz, an zwar den 13. Juli, säin Avis zum Projet ofginn. Den Avis vum Statsrot ass positiv par rapport zum Objet. E gesäit awer e puer liicht textuell Ëmännerunge vir, déi mer dann och als zoustänneg Kommissioun iwwerholl hunn.

An eiser éischter Sitzung vun der neier Sessioun, de 25. September, huet d'Kommissioun vun den Travaux publics mech als Rapporteur bestëmmt an de Projet ass eis vun de Fachleit vun der Administration des Bâtiments publics virgestallt ginn.

An der Sitzung vum 11. Oktober ass de Rapport eestëmmeg ugeholl ginn. Wuelwëssend, an dat nach aus menger Aktivitéit bei de Ponts et Chaussées, dass dëse Projet eng absolut Noutwendegkeet wier, hu mer als Kommissioun eist Beschtméiglecht versicht, fir de Projet esou schnell wéi méiglech hei virun de Plenum ze kréien.

De Gesamtareal, op deem de Projet realiséiert soll ginn, ass 7 ha grouss. Den Terrain läit an enger vun de Bartrenger Industriezonen an huet gréisstendeels der S.A. Chaux de Contern gehéiert, déi do haaptsächlech arméiert Betongsrëier vu grousssem Duerchmiesser hiergestallt huet.

1978 huet de Stat d'Acquisitioun vun deem Terrain gemaach. 1995 huet de Stat zousätzlech d'Gebai vun der Luxelec, dat un deem Areal ugeglood war, esou wéi e puer kleng Parzellen, déi hannert deem Gebai louchen, ukaaft. Dat Ganzt formt elo quasi e Rechteck vun 380 m laang an 190 m breed.

Am Laf vun de Jore sinn dunn eenzel Deeler vu Servicer vun der Stroossebauverwaltung an déi bestehend noutdierftig renovéiert Raimlechkeeten agezunn.

1979 den techneschen Deel vun der Division des Eaux vun de Ponts et Chaussées.

1980 huet de Service d'Entretien vun der Autobunn zwee Hangare benotzt fir Salz, respektiv Signalisationsmaterial ze stockéieren.

1981 ass de Service d'Entretien vun de Kläranlagen dobäikomm.

Aus Plazmangel ënnert der Helfenterbréck, wou de Service d'Entretien vun der Autobunn ënnerbruecht war, an nodeems dass d'Iddi, fir op der Cloche d'Or e